nee2015
Wee2050 Mir sinn déi politesch Mëtt

Pressecommuniqué, 2.9.2016

Mir fuerderen de Fernand Fehlen zu enger ëffentlecher Debatt op iwwert d'Presenz vun der Lëtzebuerger Sprooch

Am Interview mam Quotidien behaapt de „chargé de cours" vun der Uni Lëtzebuerg a gläichzäiteg politeschen Aktivist a selwer deklaréierten Symphatisant vun der ASTI, Fernand Fehlen „d'Lëtzebuerger Sprooch wier vill méi present wéi virun 10 Joer" (elle est beaucoup plus présente qu'il y a encore dix ans.)
http://www.lequotidien.lu/politique-et-societe/fernand-fehlen-assumer-le-luxembourgeois-en-tant-que-langue/

Des Ausso, déi och ëmmer erëm gären an oft vun aneren Acteuren widderholl gëtt ass awer an eisen Aen faktesch falsch an absurd.

Fakt ass, dass den Undeel un Awunner, déi Lëtzebuergesch schwätzen, säit Joerzéngten erof geet. An der Vollekszielung vum Statec vun 2011 hunn nach just 70,5% vun den Awunner uginn, Lëtzebuergesch ze benotzen. An der Stad souguer nëmmen 48,8%. Also iwwer d'Halschent, déi kee Lëtzebuergesch benotzen oder d'Sprooch net kënnen. Dëse Prozentsaz geet mat der staark klammender Proportioun vun Immigranten weider erop.

Wann iwwer d'Halschent vun den Awunner an e groussen Deel vun de Frontalieren kee Lëtzebuergesch schwätzen dann ass et kristallkloer, dass d'Lëtzebuerger Sprooch manner present ass wéi virun 10 Joer. An dat mierkt och all Netwëssenschaftler an den alldeegleche Kontakter, sief et beim Akafen, am Spidol, beim Sport oder beispillsweis op Eltereversammlungen an de Schoulen.

D'UNESCO huet net fir näischt d'Lëtzebuerger Sprooch op d'Lëscht vun bedrooten Sproochen gesat, an den Alain Atten fäert datt d'Lëtzebuerger Sprooch ausstierwen kéint well se aus dem Alldag verschwënnt.

Mir verstinn net wéi e promovéierten Soziolog esou Aussoen maachen kann.

An eisen Aen huet d'Presenz vum Lëtzebuergeschen an der Ëffentlechkeet staark ofgeholl an mir géifen eis gär enger Debatt mam Här Fernand Fehlen stellen an hien bieden seng Ausso mat Fakten ze ënnermaueren.

d'Initiativ Wee2050 - nee2015
Mail: kontakt@nee2015.lu